N°40
Entrée le 27.02.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 27.02.2024 wéilt ech dem Minister fir den Interieur eng mëndlech Fro stellen.

Lescht Joer gouf et eng Proposition de loi mat der Nummer 7883, wou d'CSV sech dofir agesat huet, dass all Kand de selweschten Accès op informatescht Material soll hunn, egal ob et an enger finanziell gutt situéierter Gemeng lieft oder an enger finanziell manner gutt situéierter Gemeng. Duerch déi grouss Ënnerscheeder bei de finanzielle Moyenen vun de Gemengen ginn et grouss Inegalitéiten, déi grad de Kanner aus Menage mat engem méi niddregen Akommes langfristeg zum Nodeel ginn. Dëst gouf jo och duerch d'Covid-19 Pandemie däitlech siichtbar.

Dës Proposition de loi gouf mat de Stëmme vun der deemoleger Majoritéit ofgeleent. Am Koalitiounsaccord gëtt dëse Punkt ënnert dem Abschnitt nieft anere Punkten ugeschwat, nämlech, dass d'Regierung wëll Diskussioune mat de Gemengeresponsabelen ophuelen, fir iwwert d'Ausstattung mat informateschem Material an de Schoulen ze schwätzen. Grad kleng Gemengen hu mat steigender demografescher Entwécklung an de Käschte vun enger moderner informatescher Infrastruktur ze kämpfen. Ongläichheete sinn hei virprogramméiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Wéi gedenkt de Minister d'Gemengen ze ënnerstëtzen, déi sech dëst Material net kënne leeschten?
Wat fir ee Budget kéinten d'Gemengen iwwert déi nächst Joren dofir zur Verfügung gestallt kréien?
Huet de Minister scho Gespréicher mat de Gemengen opgeholl, fir sou séier wéi méiglech iwwert dëst Virhaben ze tranchéieren an d'Schoulen esou séier wéi méiglech ze equippéieren?
Wa jo, wou sinn dës Gespréicher de Moment drun?
Wa jo, kann de Minister schonn en ongeféieren Zäitpunkt nennen, bis wéini alleguer d'Schoulen am Fondamental kéinten equipéiert sinn?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten